N°1894
Entrée le 05.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.02.2025
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 5. Februar 2025

Här President,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Wéi am Abrëll 2022 dat neit Gesetz iwwert de Museksunterrecht an der Chamber gestëmmt ginn ass, ass gläichzäiteg och eng Motioun ugeholl ginn, mat där d'Regierung opgefuerdert gouf, spéitstens no zwee Joer eng Evaluatioun vun den neie Reegelunge virzehuelen an der Chamber ze präsentéieren. Bis elo läit esou eng Evaluatioun awer nach net vir.

An deem Kontext wéilt ech dem Minister follgend Froe stellen:

- Wou sinn d'Aarbechten un der Evaluatioun vum Gesetz iwwert de Museksunterrecht aktuell drun?
- Wisou konnt den Delai vun 2 Joer, deen an der Motioun virgesi war, net agehale ginn?
- Bis wéini kann d'Chamber mat enger Präsentatioun vun de Resultater rechnen?

Mat déiwem Respekt,

Georges Engel
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1894 vum honorabelen Deputéierte Georges Engel**

**Ad 1)**

D'Aarbechten un der Evaluatioun vum Gesetz iwwert de Museksunterrecht am kommunale Secteur sinn amgaang. Den Deel vun der Evaluatioun am Bezuch op d'Schüler- an Aschreiwungszuelen ass ofgeschloss. Den Deel vun der Evaluatioun am Bezuch op d'Revalorisatioun vun de Carrièrë vun den Enseignanten ass amgaange gemaacht ze ginn; hei kruten d'Gemengen an d'Gemengesyndikater en Delai bis Ufank Mäerz, fir déi gefroten Informatiounen eranzeschécken, déi si iwwert eng Circulaire jointe vum Inneminister a vum Educatiounsminister gefrot goufen. Dono ginn dës Informatiounen ausgewäert, an deen Deel vun der Evaluatioun gëtt dann och ofgeschloss.

**Ad 2)**

Fir d'Evaluatioun esou genau wéi méiglech ze maachen, gouf bewosst ofgewaart, bis datt dat zweet Schouljoer (2023-2024) no der Mise en vigueur vum Museksunterrechtsgesetz vun 2022 komplett ofgeschloss war, d'Ausbezuele vun der staatlecher finanzieller Participatioun un déi eenzel Gemengen a Gemengesyndikater am Oktober 2024 abegraff. Am Oktober 2024 gouf de Büro vum SYVICOL an enger Entrevue mam Regierungskommissär fir de Museksunterrecht iwwert d'Demarchë vum Ministère wéi och d'Zäitschinn am Bezuch op d'Evaluatioun forméiert.

**Ad 3)**

Et ass geplangt, der Chamber am Mee oder Juni d'Resultater vun der Evaluatioun ze presentéieren.

Lëtzebuerg, de 25. Februar 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH